# d'Peffermillen

Wee net allzevill opzeweisen huet an der Kulturpolitik, feiert eben zweemol dat selwecht: de neie Musee um Fëschmaart geet also op Wonsch vun der Kulturministesch gläich zweemol op: eng Kéier den 21. Juni (jhust fir di iewescht Stäck) an eng Kéier de 29. November (fir de spektakuläre Rescht). Wann dat och méi Leit derzou bréngt, de Musee kucken ze goen, ass dat mol keng schlecht Saach, och wann elo e puer Konservateuren béis an d'Laberente komme, fir hir Vitrinnen an Texttafele matt Zäit fäerdeg ze hunn. De Koschter warnt allerdéngs séng Lieser: ditt e Sonnebräll un, well de Pavé virum Musee an di viischt Fassad sin esou hell, dass et engem wéi deet an den Aen, suguer wann d'Sonn nët schéngt. An den Architekt huet streng verbueden, e Kalliko op d'Fassad ze henken, fir z. B. wichteg Ausstellungen unzekënnegen.

*Resistenz* heescht d'Theaterstéck, dat den Escher Schülertheater Namasté dëst Joer krééiert huet. Méi wichteg wi den Inhalt ass wuel de pädagogesche Prozess vun der Entstehung vum Stéck, dat d'Schüler selwer geschriwwen hun. Déi Stonnen di dat kascht huet, och wann dobäi vläicht di eng oder aner Schoulstonn drop gaang ass, sin eng Erfahrung fir d'Liewen an di jonk Leit sin dobäi secher méi räif gi wi an der Schoul, wu jhust Wësse vermëttelt gëtt. Déi Erfahrung kënnen se natierlech nët op anerer iwwerdroen. Mä och den Inhalt huet et a sech: Jonke wi alen Zuschauer, di de Krich nach matterlieft hun, ass d'Opféierung ënnert d'Haut gaang, an `t wär ze wënschen, dass nach ganz vill Leit dat Stéck kënnte gesinn. De Koschter huet sech soe gelooss, de Grand-Duc hätt d'Erzéiungsministerin och iwwerzeegt, et am Hierscht nach e puermol fir méiglechst vill Schoulklasse aus dem ganze Land spillen ze loossen. Merci Monseigneur!

Beim Hearing an der Chamber iwwert d'PISA-Etüd sot den APESS-President, hie wéisst nët wat eng ‚évaluation externe' vum Lëtzebuerger Schoulsystem, wi e Gréngen Deptuéierte se virgeschloen hat, wär. Vläicht hätt e sech sollen an ee vun dene sechs Lyceë mellen, di an der Woch vum 15.-19. Abrëll eng Journée pédagogique géint d'Droge duerchgezunn hunn. Do hätt e kënne gesin, wéi Elteren a Schüler de Proffen eng Datz ausgestallt hunn: Wi et drëm gong, gemeinsam Strategië géint den Drogekonsum an der Schoul z'entwéckelen, waren an alle Lyceën d'Proffen di eenzeg, di hir Hausaufgabe nët gemaach, sech nët ofgeschwaacht haten a keng eege Propositioune matt erabruecht hunn. Dofir gi si jo och net bezuelt. Et muss een also net onbegengt dichteg Expären an d'Ausland siche goe, fir erauszefanne, wat net klappt am Lëtzebuerger Schoulsystem. ‚Schoul op der Sich' heescht d'Drogecampagne: engagéiert Proffen, di als Virbild kënnten déngen, hun d'Schüler bei där Aktioun net fonnt.

Den Erfolleg vu populistesche Parteien an enger Rëtsch europäesche Länner fänkt endlech un, de Regirungen an Europa Suergen ze man. Um 100,7 (22.5.2002) huet di Lëtzebuergesch Aussseministesch gemengt, nët d'Eurokrate – wi di populistesch Parteien ënnerstellen - wäre Schold un enger eventuell falscher Europa-Politik, mä di national Regirungen. Duerfir missten di national Regirungen ophalen, sech hannert europäesch Décisiounen ze verstoppen, mä si missten déi Mesüren offensiv als hir Iwwerzeegung an di national Öffentlechkeet droen. Bravo Lydie Polfer! duecht de Koschter. Dass Lëtzebuerg sech vum europäesche Geriicht veruerteele léisst, fir d'Direktiv iwwert d'Walrecht vun den Ausländer bei de Berufschamberen ëmzesetzen, wäert elo nët mi virkommen. Dass mer d'Walrecht op Gemengeplang nëmmen aféiere, well mer per Maastrichter Vertrag dozou gezwonge goufen, wäert kee Politiker mi soen. An dass Auslänner Staatsbeamte kënne gin, wäert d'Ministesch vun der Fonction publique hirer Hausgewerkschaft mat Nodrock als Lëtzebuerger Interessi verkafen. An da wäert se dat och nët jhust an deene ganz begrenzte Beräicher man, wu mer dat mussen, mä och an aneren Administratiounen, wu mer dem Bustaw no nët onbedéngt obligéiert sin: z. B. fir Schoulconciergen, Gemengegäertner, Muséeskonservateuren, Informatiker am ‚Centre de Technologie de l'Éducation' asw.



De Koschter ass frou, dass e nët mi zu Bartréng wunnt. Op déi Gemeng wäert nämlech eng zolitt Schuedensersazfuederung zoukommen, di hire Räichtum wuel e bëssche wäert schmëlzen don. An der neier Industrizon hat de Buergermeeschter d'Genemegung fir e risegt Bürosgebei gin, ma wu dat véier Stäck déift Lach, an dat fënnëf Futtballsterrainën géife passe, fäerdeg war an di éischt Betonsdall gegoss war, huet d'Gemeng ebémol fonnt, dat Gebei wir jhust 50 Meter vun de Benzin-

stanken eweg, di säit Jorzéngten do stin, an dofir wär et vill ze geféierlech, do e puer Honnert Leit dra schaffen ze loossen, an si hun d'Aarbechte gestoppt. De Koschter freet sech, wat eng staatlech Opsiicht vun de Gemenge nach wäert ass, di esou Bauzegkeete net mierkt. A wat muss geschéie, fir dass de Beamten oder dee politesche Responsabel dofir mol zur Recheschaft gezu gëtt, amplaz dass jhust de Steierzueler muss asprange, fir de Feeler neess gudd ze man?

Wat d'Groussherzogin kann, kann de Premier och. Op der Madrider Konferenz tëscht EU a Latäinamerika Mëtt Mee huet och hien sech op Cuba invitéiere gelooss. E wëllt den USA wuel weisen, dass Europa näischt mi matt deenen hirer Isolatiounspolitik aus den Zäite vum Kale Krich um Hutt huet. An e wëllt – dem Service Information et Presse no – de Cubaner hir groussaarteg Leeschtung um Gebidd vun der Medezin och fir di lëtzebuergesch Entwécklungspolitik notzen, an enger ‚coopération triangulaire' wi et heescht, vun där Cuba an en drëtt Land kënnte profitéiere. Op de kapverdeschen Insele, wou Lëtzebuerg jo grad am Gesondheetssecteur ganz aktiv as (vgl. *forum* Nr. 210/Sept. 2001), kéim esou eng kubanesch Hëllef secher zu paass, mä vläicht och zu Lëtzebuerg, wu et jo anscheinend u Generaliste feelt.

**m.p.**